




## Synthèse 2<sup>ième</sup> Rendez-vous du Cadre de référence – Jeunesse (18.10.23)



De nationale Cadre de référence fir déi non-formal Bildung, deen 2016 a senger 1. Editioun erauskoum, muss reegelméisseg den Entwécklung vum der Gesellschaft ugepasst ginn. Déi drëtt Editioun, déi fir 2026 geplangt ass, wäert am Austausch mam Secteur ausgeschafft ginn. Heifir ginn tëscht 2023-2025 am ganze 6 Echangë mam Jugendsecteur organiséiert: D'Rendez-vous du Cadre de référence – Jeunesse gi vum Service national de la Jeunesse an Zesummenaarbecht mat der DG Jeunesse vum MENJE organiséiert.

Nodeems um 1. Rendez-vous (24.05.23) iwwert déi allgemeng Notzung vum Cadre de référence, d'Bild vum Jonken an d'Haltung vum / vun der PedagogIn geschwat gouf, stoungen um 2. Rendez-vous déi verschidde Rolle vum / vun der PedagogIn am Fokus. Konkret goufen iwwert a) d'Roll(en) vis-à-vis vum Jonken, b) hir intern Roll sou wéi och c) déi extern Rollen diskutéiert. Ënnert der interner Roll ass d'Roll vis-à-vis vum der Ekipp an dem Gestionnaire oder Träger gemengt. Déi extern Roll bezitt sech op d'Roll vis-à-vis vum der Gemeng, dem MENJE, aner Servicier oder Organisatiounen an den Elteren. Als weidere Volet gouf d'Ëffentlechkeetsaarbecht genannt.

Während de Workshops goufen dës 3 Rolle vum / vun der PedagogIn a 4 verschidde Gruppe diskutéiert, bei der d'Vertrieder vum de Jugendservicer oder de Jugendorganisatiounen hir eege wichtegst Rolle benenne sollten. Vertrueden ware verschidden Jugendstrukture, vu Jugendhaiser iwwer Ubidder vum Animateursformatiounen bis zu Jugendsvicier. D'Resultater vum dësen Échangë, déi an dëser Synthèse virgestallt ginn, goufe fir e méi einfach Versteesdemech kategoriséiert.



- *Differenzéierung tëscht Haltung a Roll*

Wéi scho beim 1. Rendez-vous koum et och bei der zweeter Editioun zäitweis an den Diskussiounen zu enger Vermëschung tëscht der Haltung an der Roll vum edukative Personal. Sou gouf beispillsweis “authentesch an empathesch sinn” als Roll vis-à-vis vum Jonken definéiert, wat éischer eng Haltung beschreift, déi de / d’PedagogIn bei senger Aarbecht anhuele muss. Eng méi kloer Differenzéierung tëscht der Haltung an der Roll ass an der Form an der nächster Editioun Cadre de référence unzestriewen.

- *Roll vum / vun der PedagogIn vis-à-vis vum Jonken*

Bei der Diskussioun ronderëm d’Roll vis-à-vis vum Jonke goufe vill Elementer genannt. Aus den Aussoe loosse sech 4 zentral Rollen identifizéieren: De / D’PedagogIn ass an éischer Linn e wichtegen Uspriechspartner an eng Vertrauenspersoun fir de Jonken, gläichzäiteg



awer och eng Persoun, déi dem Jonken Orientéierung bitt, him Méiglechkeeten opweist an en op senge Weeër begleet. Fir de Jonken bei dëser perséinlecher Entwécklung ze ënnerstëtzen, gëtt dem Jonken e Kader gebueden, wou e sech sécher fille a sech ausliewe kann. Domat enk verbonnen ass och déi véiert Roll, d'Virbildfunctioun vis-à-vis Jonken .

- *Intern Roll vum / vun der PedagogIn*

Bei der interner Roll gouf tëscht de Rollen an der Ekipp an der Roll vis-à-vis vum Gestionnaire oder Träger differenziert. Zur Roll an der Ekipp gouf festgestallt, dass et wichteg ass, als Team zesummen ze schaffen an deementspreechend ënnert eneen ze kommunizéieren an ze kollaboréieren. Och gouf ervirgestrach, dass et an den Ekipp d'Roll vum Reponsabele gëtt, deen als Leeder oder Koordinator fungéiert.

Tëscht der Ekipp an dem Gestionnaire goufen d'Rolle vum Vermëttler, dem Visionär sou wéi och dem Qualitéitsmanager genannt.

Als spezifesch Roll vis-à-vis vum Gestionnaire fungéiert de / d'PedagogIn als Uspriechpartner, wat Koordinatioun vun der Struktur ubelaangt, wéi z.B. fir d'Ënnerstëtzung vu Projeten am Jugendberäich.

- *Extern Roll vum / vun der PedagogIn*

Déi extern Roll vum / vun der PedagogIn gouf opgedeelt an: vis-à-vis vun der Gemeng, dem MENJE, den Elteren an aner Servicer an Organisatiounen. Obwuel vereenzelt Rolle sech par rapport zu dëse verschiddene Partner ënnerscheeden, goufe verschidde Rollen ëmmer erëm genannt. Sou ass dat edukatiivt Personal den Uspriechpartner an Expert, fir Informatiounen aus dem Jugendberäich un anerer weiderzeginn. Zugläch ass en och Vertrieder an d'Sproochrouer vun de Jonken. An dësem Kontext ass och d'Roll vun der Kommunikatioun, Kooperatioun a Kollaboratioun mat dësen Acteuren erfuerderlech. D'Ëffentlechkeetsaarbecht gëtt op verschiddenen Niveaue gelescht, par rapport zu Gemengen, Ministèreen mee och der ganzer Gesellschaft, mam Zil dem Secteur eng gewësse Visibilitéit an Ënnerstëtzung ze sécherstellen.

- *D'Grenze vun der Jugendarbecht*

Nieft enger méi kloerer Differenzéierung vun der Haltung a Roll, ass bei verschiddene Rolle, par rapport zu den ënnerschiddlechen Acteuren, och d'Fro opkomm, wou Roll vum / vun der PedagogIn ufänkt an ophält. An deem Zesummenhang gouf gesot, dass et wichteg wier an engem zukünftege Cadre de référence Grenzen ze definéieren. Sou gëtt de / d'PedagogIn vum Jonken ënner anerem als wichteg Bezuchs- a Vertrauenspersoun ugesinn, deen en oppent d'Ouer fir Problemer huet a mat deem e schwätze kann. Dat ka problematesch ginn. Zum Beispill bréngt et heiansdo mat sech, datt de Pedagog sech selwer iwuerfuerdert well e keng Grenz zu sengem Privatliewen zitt. Oder et kann virkommen, datt opgrond vun dëser Roll,



déi Jonk sech an engem éischte Schrëtt un de / d' PedagogIn wënnen amplaz de Kontakt mat spezialiséierte Servicer opzehuelen.

De nächste Rendez-vous du Cadre de référence – Jeunesse fënnt Mëttwochs, den 15. Mai 2024 am Forum Geesseknäppchen statt.